LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°34 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Format du document mis à disposition du conseil communal dans le cadre du vote du budget communal"**

Fro 1

Aus der Kombinatioun vun den Artikelen 13, Alinéa 4, an 122 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 geet ervir, dass de Schäfferot dem Gemengerot de Budget presentéiert, an dass all Conseiller d'Dokumenter, Akten a Pièцen, déi den Ordre du jour vun enger Gemengerotssëtzung betreffen, am Gemengenhaus consultéiere kann. De Règlement d'ordre intérieur (ROI) vum Gemengerot kann zousätzlech dozou, aner Forme virgesinn, ënnert deenen de Budgetsprojet oder aner Dokumenter, Akten a Pièцen de Conseillere kënnen zur Verfügung gestallt ginn.

De Projet de loi n° 8218 proposéiert eng Modifikatioun vum Artikel 13, Alinéa 4 vum Gemengegesetz, déi de Schäfferot an Zukunft obligéiert, Dokumenter, Akten a Pièцen zousätzlech elektronesch zur Verfügung ze stellen. Dofir soll all Conseiller eng perséinlech E-Mail-Adress vun der Gemeng kréien.

Fro 2

Et gi keng Iwwerleeungen, fir per Gesetz op nationalem Plang en editéierbaart Format z'imposéieren, well et an der Gemeng hirer Autonomie läit, dat am ROI individuell ze reegelen. Déi Démarche huet de Virdeel, dass d'Gemenge méi séier a flexibel op d'Evolutiounen an d'Changementer am IT-Beräich kënne reagéieren.

Zu der Fro 3

Ech verweisen op d' Äntwerten op d'Froen 1 an 2.

Lëtzebuerg, den 15. Dezember 2023

Den Inneminister

(s.) Léon Gloden